déi Lénk

*Pressecommuniqué*

## *Keng Zaldoten an de Mosambik!*

***Am Parlament interpelléiert vum Nathalie Oberweis huet de Minister François Bausch leschten Donneschden seng prinzipiell Bereetschaft erkläert, fir Memberen vun der Lëtzebuerger Arméi an de Mosambik ze schécken. Fir déi Lénk ass dat absolutt inakzeptabel an doriwwer eraus och nach extrem geféierlech.***

Ufank Mäerz huet de franséische Petrollskonzern Total seng Aktivitéiten am Norde vum Mosambik missten aus Sécherheetsgrënn astellen a säi Personal zréckzéien, nodeems eng islamistesch Miliz eng Stad just nieft séngen Industrie-Anlagen iwwerfall hat. Zënterhier gëtt iwwert eng europäesch Interventioun an dëser Géigend diskutéiert, déi vun der portugisescher EU-Presidence an dem EU-Chefdiplomat Josep Borell forcéiert gëtt. Dee vun Total ugefouerte Konsortium wëll op der Plaz nei Äerdgasfelder exploitéieren an dofir ronn 20 Milliarden Euro investéieren.

Den 10. Juni an der Chamber drop ugeschwat, huet den Arméisminister François Bausch konfirméiert, datt esou eng militäresch Interventioun géif an EU-Kreesser diskutéiert ginn an datt et dobäi virun allem ëm Rohstoffer géing goen, och wann offiziell d'Bekämpfung vum islamisteschen Terrorismus als Grond avancéiert gëtt. Déi Missioun wär zwar nach net decidéiert, mee déi meeschten EU-Memberstaaten, an dorënner Lëtzebuerg, hätten hire prinzipiellen Accord ginn. Allerdéngs géif et sech an éischter Linn ëm eng Trainingsmissioun handelen.

**Komplett inakzeptabel a geféierlech**

Esou Interventiounen fänken meeschtens mat Trainingsmissiounen un fir dann duerno lues a lues opgestockt ze ginn, well se esou méi liicht vun der Ëffentlechkeet akzeptéiert ginn. déi Lénk fille sech bestätegt an all hire Kriticken, déi se an de leschte Méint a Joren am Parlament geäussert hunn. D'EU bréngt sech a Stellung fir an Zukunft hir ekonomesch Interessen op anere Kontinenter mat militäresche Mëttelen ëmzesetzen. A Lëtzebuerg wëll dobäi eng aktiv Roll spillen.

Dës interventionistesch neokolonial Politik ass fir déi Lénk absolutt inakzeptabel a kontraproduktiv. Et ass fir eis ganz einfach net no ze vollzéien, wéi d'Regierung ka Lëtzebuerger Zaldoten an Afrika schécken fir d'Exploitatioun vu fossille Brennstoffer an d'Interesse vum Grousskapital ze schützen. Zemools wou dësen aktuell nach lokale Konflikt all d'Viraussetzungen huet, fir am Fall vun enger weider Militariséierung mat europäeschen Truppen komplett ausser Kontroll ze geroden. D'EU riskéiert hei e nach méi mäerderesche Krich ze provozéieren, deen der lokaler Bevëlkerung just nach méi Leed brénge wäert.

*déi Lénk* appelléiert mat Nodrock un d'Regierung, hir Positioun nach eng Kéier ze iwwerdenken an sech enger militärescher EU-Interventioun am Mozambique entgéint ze stellen.

*Lëtzebuerg, de 14. Juni 2021*